# LOUTRES NEWS



Mär. Abr. Nummer 4/2017/2018

LUXEMBOURG - 1
Port Payé
P/S.311





fnel
scouts & guides

Vill Spaass beim Liesen a séier umellen !

LES LOUTRES DE MERSCH, GROUPE SCOUT AFFILÉ À LA FNEL

Adresse officielle:
**"Les Loutres de Mersch " A.S.B.L**
B.P.31
L-7501 MERSCH

Adresse rédaction
Loutres News
c/o Schmit
27, rue Quatre-Vents
L-7562 Miersch

# Loutres News N°04 2017/18

Eng Zeitung fir all Loutres oder fir déi, déi eng kennen gin.
Kennt mindestens 6x am Joer eraus.

Rédactioun: Jacoby Vic

Mataarbecht : D´Chefen vun den Loutres
An all Member, deem des Zeitung nët egal ass.

Drock: Eegen Drock

Adress: LOUTRES NEWS
c/o Schmit
27, rue Quatre-Vents
L-7562 Mersch

Adress vum Home: 16, Haardter Wee
L-7534 MERSCH
B.P.31
L-7501 Mersch

Internet: www.scouts-loutres.lu

Konto: Les Loutres Mersch

**CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000**

| | |
|---|---|
| Beaver Branche | LU03 1111 2051 4284 0000 |
| Wellefchers Branche | LU98 1111 2051 4385 0000 |
| Scouts Branche | LU94 1111 2051 4587 0000 |
| Explorer Branche | LU92 1111 2051 4688 0000 |

LOUTRES SHOP: Frot bei de Chefen no wann der eppes feelt:






- Foulard
- Vademekum, Scoutbichelcher
- Verschidden Badger

Oder Saachen déi der sicht a bei eis am Home leien.

Loutres T-Shirt (25 €) Softshell (45€)

Moien Beaver, Wellef, Scouten a Guiden

Paakt är Fueskostümer all aus, well d 'Fuesgecken sinn all raus.
Mir maachen eng mega Fuesparty bei eis am Home an dir sidd alleguer invitéiert.

**Weini**: 03/03/2018 vun 14h00 bis 16h00

**Wou**: Bei eis am Home

**Wei**: Natierlech verkleet ☺ ☺ ☺

Wann der Loscht hud kennt der natierlech och gären een Kuch / Kichelcher oder Jus matbréngen ☺



Mfg,

Deng Cheffen

Beaver, Louveteau Scout :
Réunion de Carnevale le 3 mars de 14 :00 à 16 :00 dans notre chalet.
Venez déguiser



Op desen 2 Saiten fënns du den neien
Trimesterprogramm bis Ouschtervakanz

# Beaver

| | |
|---|---|
| 24/02: | Versammlung |
| 03/03: | Versammlung Fuesparty |
| 10/03: | SORTIE |
| 17/03: | Versammlung |
| 24/03: | Owesversammlung |

Deng Cheffen

| | |
|---|---|
| Malak (Paul) | 621157585 |
| Barry(Jacquie) | 621433486 |
| Blubb (Rony) | 621750157 |

# Wëllefcher

| | |
|---|---|
| 24/02: | Versammlung |
| 03/03: | Versammlung Fuesparty |
| 10/03: | Versammlung |
| 17-18/03: | WE: Um Tour mam Velo |
| 24/03: | Versammlung |
| **31/03-14/04:** | **Ouschter Vakanz** |
| 12-14/04: | Ouschtercamp |
| (21)-22/04: | Sixplo |

---

**DENG CHEFFEN:**

| | |
|---|---|
| Andre Jorge CM | 621 715 985 |
| Yannis Demoutiez ACM | 691 859 430 |
| Aurélie Mari ACM | 661 804 946 |

# Scouten a Guiden

| | |
|---|---|
| 24/2-25/2 | WE Weltrees am Rollengergronn |
| 3/3 | Versammlung Fuesparty |
| 10/3 | Scouts Explo – Dapp and the city |
| 17/3 | Leadershipversammlung |
| 24/3 | Leadershipversammlung |
| 31/3 – 15/4 | Vakanz |
| 12/4 – 14/4 | Ouschtercamp |

**Deng Scoutscheffen**

| | | |
|---|---|---|
| Recht Philippe CT | 691 812 917 | mr_recht929@hotmail.com |
| Jennifer Vosman CT | 621 6621 14 | jenny_vosman@hotmail.de |
| Carissia Demoutiez CT | 691 727 569 | cdemoutiez@gmail.com |
| Pierre Prichearts ACT | 621 738 748 | prickp@hotmail.de |
| Felten Jhang ACT | 621 790 389 | jhang.felten@gmail.com |

# Explorer

| | |
|---|---|
| 03. Mär 2018 | Versammlung |
| 10. Mär 2018 | Versammlung |
| 24. Mär 2018 | Versammlung |
| 31. – 15. Abr | Vakanz |
| 12.-14 Abr 2018 | Camp |

Mich Grüneisen – RUE (691 328 916)
Louis Watgen – ARUE (621 224 079)

# Beaver

Salut Beaver!

Arrrrrr! Ahoi meng Kameroden! Et gëtt sou lues neess waarm, de Buedem fänkt un ze entfréiren an domat ass offiziell Zäit fir no dem Goldschatz ze sichen! Also dir Landraten, gräift ären Säbel an ärt Halsduch a kommt zesummen mam Captain Malak a senger Piratebraut Barry fir dem Schwarzaan Jack säin laang verschollenen Schatz ze fannen!



**RDV**: Samsdes, den **10. März** um 12:00 Auer zu Miersch op der Gare

**Zréck**: Dee selwëschten Dag um 18:00 och zu Miersch op der Gare

**Mathuelen**: e klénge Rucksak mat engem volle Bidon Waasser, e Bic, e Notizblock,
eng **Gamelle a Besteck** an natierlech ganz vill Fréed

**Onkäschten**: 5€ op den Kont Les Loutres Beaver
CCPL: LU03 1111 2051 4284 0000 mat der Mentioun \`Sortie Piraten' a Numm vum Kand.

**Umellden**: Bis den 3. März am léifsten per SMS 621433486 beim Barry oder um Internetsite



# Wëllefcher



# WE : Um Tour mam Velo

**Moien Wëllef**

Sou wéi mer an den Versammlungen ausgemaach haaten, hu mer e klengen WE op Been gestallt fir am zweeten Deel vum Trimester.
De WE ass an eisem eegenen Home, sou dass mer och mool rem eng Keier vun den Dortoiren profitéieren kennen an et aliichtert den Transport vum Material well der e Velo braucht.

> WE Vélo pour Louveteau du 17-18 Mars à Mersch dans notre Chalet.
>
> Prix: 15 Euro
>
> A apporter: Le vélo, petit sac pour Bidon, Sac de couchage, pyjama, vêtement de rechange, Pantoufle, Gamelle, Couvert, essuie, brosse à dents…….
>
> Enregistrement au plus tard pour le 12 mars via la homepage.

**Wéini? :** **17.-18.03.2018**

**Treffpunkt**: den 17 März um 14:00 beim Home

**Retour:** den 18. März um 15:30 beim Home

**Detailler:**

- Well mir een Trajet mam Velo maachen muss däin Velosekipement mat bréngen. Vergies net däin Helm. Ass dëst eng Erausfuerderung fir dech da mell dech bei eis.

**Material:**

- Paak deng Saachen fir ee WE an däin Rucksaak.
  - Dem Wieder ugepassten Kleeder, Schlappen
  - Wäschsaachen
  - Schloofsaak, Pyjama
  - Gamelle, Besteck, Becher, Bidon a Kichenduch
  - Klenge Rucksaak dass deens de mam Velo mathuelen kanns fir däin Bidon
  - dem Wëllefchen seng 5 Saachen

**Präis:** 15€
Suen sin ze iwwerweisen bis den 15 März:
Les Loutres Wellefchers Branche LU98 1111 2051 4385 0000
Mentioun: WE Velo a Num vum Kand

**Umeldung:**

- Bis den 12. März iwert eis Webpage oder beim André J.

deng Chefen



# SIXPLO 2018

Wéini? : 21.-22.04.2018

- Fir d'Sixer: dee ganze Weekend vum 21.-22 Abrëll 2018
- **Fir déi aaner aus der Meute: Sonndes, den 22.04.2018**

Treffpunkt:

- Samschdes: um 14:00 Auer beim Fräiheetsbam zu Stroossen (am beschten är Elteren bréngen dech dohinner)
- Sonndes: um 08:15 Auer op der Gare zu Miersch

Retour: (Sonndes)

- 17:20 Auer op der Gare zu Miersch




Detailler:

- Den Thema vum Sixplo ass **Hollyood**
- D'Sixer sollen eng „chique" Verkleedung (□ wäisst Hiem / Polo / donkel Box) matbréngen, fir um Gala deel ze huelen

Material:

- D'Sixer bréngen hire Gamellesak (Gamelle, Besteck, etc.) fir Samsdes mat, sou wéi eng Lunchbox fir de Pic-Nic vu Sonndes (Samstes gëtt fir d'Sixer gekacht)
- D'Sixer brauchen alles, wat ee fir e Weekend brauch □ Carrymatt, Schlofsak, Schlof- a Wäschsaachen, etc.
- Déi aaner Wëllefcher, déi also nëmmen Sonndes kommen, mussen hiere Pic-Nic selwer matbréngen fir Sonndes mëttes.

Präis:

- Fir d'Sixer, déi schons Samsdes do sinn: 18€
- Fir all aaner Member aus der Meute: 5€

Umeldung:

- **Bis den 28 Februar 2018** via Loutres Webpage oder beim André Jorge.
- D'Iwwerweisung ass bis den 17 März ze maachen op den Wëllefcherskont

Les Loutres Wellefchers Branche LU98 1111 2051 4385 0000
Mentioun: Sixplo a Num vum Kand

Fédéral Wellefchersekip an deng Chefen

# CAMP:




Explorer, Scouten an Wëllef lauschter gudd no!




Mir hunn een ganzt aalt Spill um Späicher zu Iechternach am Chalet fonnt. Et nennt sech Jumanji, kenns du et eventuelle?
Jiddefalls sinn mir gespaant mat dir zesummen Rätsel vun dësem mysteriéisen Spill ze léisen! Dëst gëtt keen Zockerschlecken déi dech also waarm un!

Rendezvous? Um 13:45 (De Bus fiert um 14:00) den **12.04.2018** op der Gare zu Miersch

Retour? Um 15:35 den **14.04.2018** op der Gare zu Miersch

Umeldung? Bis den 02.04.2018 per SMS um 621662114 (Jennifer Vosman),per Email jenny_vosman@hotmail.de oder op eiser Homepage

Präis? 80€ (am Präis berechent ass Iwwernuechtung-Iessen-Kayak-Vëlo) sinn ze iwwerweisen op den Gruppenkont „Les Loutres Mersch" **CCPL LU97 1111 0731 7537 0000** mat der Mentioun „Ouschtercamp" an „Numm vum Kand"




Mathuelen?: Schlofsak, Pyjama, Gamelle, Besteck, Becher, Kichenduch, Biergschong, Turnschung, Schlappen, Waarmt Gezei, dem Wieder ugepasst (Ersatz Kleeder), Ënnerwäsch, Strëmp, Wäsch Saachen (Zännbiischt etc), Jackett, Foulard (um RDV), Täscheluucht, evtl.Täschemesser, dem Wëllefchen seng 5 Saachen resp Scoutsbichelchen an gudd Laun.

Zuchticket oder Schülerkaart wanns de 13 Joer oder mei hues - an alles wat s du nach sou fir en Camp brauchs.

Lénks Patt deng Cheffen

# Dapp and the City – Explo 2018

D'Scoutsekipp invitéiert iech häerzlech op den Explo 2018 an der Metropol Lux-City!
Dëst Joer maache mir e klénge Citytrip duerch eis wonnerschéin a geschichtsträchteg Haaptstad a mir entdecken heibäi e puer schéin Ecker déi net an engem Touristebiichelche stinn.

Wéini: Samschdes, den 10 Mäerz 2018

Wou: Lëtzebuerg-Stadt

RDV: um **9h10** op der Gare zu Miersch (Départ Bus 9:19)

Schluss: um **16h50** op der selwechter Plaz

Material: **Pick-nick, Bidon mat Gedrénks**, K-way, eppes fir op de Kapp, Uniform & Foulard…

---

## CP/SP-Weekend

Nom grousse Succès vun 2016 huet Scoutsekipp decidéiert, all zwee Joer e Weekend nëmme fir CP & SP aus der FNEL ze organiséieren.

Wéini: de Weekend vum 2-3 Juni 2018

RDV: um 9 Auer an der Stadt (Infoen kommen nach no)

Schluss: géint 16 Auer an der Stadt (Infoen kommen nach no)

Präis: viraussiichtlech 20€/Participant; +5€/Participant fir all Umeldung nom Delai

Umeldung: Méindes, den 23 Abrëll 2018, **just fir CP an SP**

Material: Pick-nick, Rucksak, Carrymat, Schlofsak fir dobaussen, evt. Inlet fir an de Schlofsak, dem Wieder ugepasste Kleeder, Uniform & Foulard…



Léif Scouten a Guiden, léif Explorer, léif Elteren.

De « Sauvage 2017 » war e groussen Erfolleg, trotz dem duerchwuessene Wieder an dem ville Bulli hate mir 10 ganz flott Deeg an eisem Sauloch. De Souscamp 3 - alias Camp Flintstone - ass zu enger richteger Famill ginn an d'Stëmmung war vun Ufank bis Schluss genial. Fir dass mir eis alleguer erëmgesinn sidd dir ganz häerzlech op eisen Après-Sauvage-Flintstone-Weekend invitéiert. Schreift iech den Datum séier op a mellt iech un, et gëtt erëm ganz flott.

- Wéini? Vum 26. bis de 27.05.2018 (zum Schluss vun der Päischtvakanz)
- Wou? Zu Réimech am Home St. Cunibert
- Ween? Alleguer déi Leit, déi um Sauvage Sous-Camp Flinstone (SC3) waren
- Präis? 25€ ze iwwerweisen op de Compte vun den Eechternoacher Quaichleken: ***BCEE LU32 0019 3055 5266 0000*** mat der Mentioun "Après-Sauvage – Numm vum Kand – Grupp"
- Umeldung? Mellt iech bis spéitstens den 10.03.2018 un:
    - iwwer Telefon / SMS (691 727 569)
    - oder iwwert ons Homepage new.scouts-loutres.lu/

Wieder Detailer kritt dir ganz geschwënn vun ären Truppe-Cheffen.

Falls dir sollt Froen hunn, dann zéckt net a mellt iech:

Bis dohinner,

är Cheffen
vum Camp Flintstone

# Visite Heintz Van Landewyck

Salut,

Ewéi schonn am Programm um Ufank vum Joer ugekënnegt gi mer de 16. Mäerz den Heinz Van Landewyck op Hollerech besichen. Den Aly wäert eis do eng Visite vun der ganzer Produktioun an dem Betrib maachen. Mir maachen awer e Weekend dorausser andeems mer owes an der Tour Malakoff schlofen.

**De Programm vum Weekend:**

**Freides de 16. Mäerz 2018** Rdv. 17h15 um Parking beim HVL (kuck op d'Kaart w.e.g.)

No der Visite gi mer géint 20h00 an de Restaurant Notaro a Clausen.

Duerno GBS an der Géigend a schlofen an der Tour Malakoff

Apaken: Déi üblech Beauty Case; Carry-Matt a Schlofsak (Et si keng Better do)

**Samschdes de 17. Mäerz** no dem opstoen a Kaffi, maache mer eis op den Heemwee.

Fir dass mer dat organiséiert kréien, mell dech w.e.g. un per Mail marc.laux@education.lu bis den **9. Mäerz 2018**.

Wa weider Froe sinn, net zécken an och kuerz eng Mail maachen.

Bis da spéitstens de Mäerz op der Visite,

Anne; Marianne; Nora; Mich a Marc

